QP n°2390

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 18:47, 12/06/2020

Lëtzebuerg, den 12/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Säit dem 29te Mee 2020 fléien no bal 2 Méint Paus erëm Fligere vum Findel fort. De Mobilitéitsministere hat den 30te Mee 2020 annoncéiert, datt all Passagéier, deen an engem Fluch um Findel ukënnt, ee Bong kritt, fir sech gratis op de Covid-19 testen ze loossen.

Zanterdeem gi Covid-19-Tester direkt um Findel ugebueden an donieft ginn d'Passagéier op Fluchreese gebieden een *Public Health Passenger Locator Form* auszefëllen, mat deem eng Rei vu perséinlechen Donnéeë vun de Passagéier erfaasst ginn.

No eise Kenntnisser si bei mindestens engem Vol, wann net bei méi Vollen, een oder méi Passagéier positiv op de Covid-19 getest ginn an d'Direction de la Santé huet déi sougenannten *Public Health Passenger Locator Form* bei der Airline gefrot. D'Amendements parlementaires zum Gesetzesprojet 7606 schafen eng Base légale fir d'Kommunikatioun vum *Public Health Passenger Locator Form*un d'Direktioun vun der Santé.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, dass d'Direction de la Santé d'Passagéierdonnéeë vum *Public Health Passenger Locator Form* gefrot huet? Falls jo, wat ass d'Base légale vun dëser Demande?
2. Kann d'Ministesch confirméieren, datt Passagéier um Findel zanter dem 29te Mee positiv op de COVID-19 getest goufen? Falls jo, wéi vill Fäll goufen enregistréiert an huet d'Santé hier Kontakter tracéiert an déi aner Passagéier doriwwer informéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (15.06.2020)